PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 11/06/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg gëtt et - wéi a villen aner Länner och - laanscht d'Autobunne Raststätten a Form vun Aires de repos an Aires de service. De Staat ënnerhält dës Plazen a bitt den Tankstellen oder Restauranten, déi do wëllen ee Service ubidden, Verträg un.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Verträg mat Firme fir d'Exploitatioun vun enger Aire de service lafen am Moment?
2. Mat wéi vill Einnahme pro Joer sinn dës Verträg verbonnen (opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer)?
3. Wéi vill huet d'Konstruktioun vun den eenzelen Airen, déi no 2005 ferdesch gestallt goufen, kascht?
4. Wéi héisch waren d'Entretienskäschten an deene leschte 5 Joer (opgeschlësselt no Joer) fir d'Aires de service am Land?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député